N°1613
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.12.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, un d'Madamm delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Säit Mëtt Abrëll 2024 geet de Kurs vun den Aktie vun der Société Européenne des Satellites (SES) erof. Si huet an dem Zäitraum iwwert 40% u Valeur verluer. Bekanntlech ass d'Regierung, direkt an indirekt, zu engem Drëttel Actionnaire bei der SES. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 1340 ënnersträicht d'Regierung d'Wichtegkeet vun der SES als "acteur phare de l'écosystème spatial au Luxembourg".

An dem Zesummenhang, wéilt ech follgend Froe stellen:

- Wei ass d'Analyse vun der Regierung par Rapport zu dëser Baisse vum Aktiewäert vun der SES ? Wat riskéieren d'Konsequenze fir d'SES ze sinn ?

- Gëtt dës Evolutioun esou hi geholl oder ass et eng Prioritéit, den Aktiekurs vun der SES erëm ze etabléieren ? Wei eng Instruktioune kruten an dem Zesummenhang, vu Säite vun der Regierung, d'Vertrieder vum Staat, déi am Verwaltungsrot vun der SES sinn ?

- Wéi ass de viraussiichtlechen Afloss vun dëser Baisse vun den SES-Aktien op déi entspriechend Recetten am Staatsbudget ?

- Wei geséit d'Regierung d'Zukunft vun der SES an engem ekonomeschen Ëmfeld deen aktuell staark am Wandel ass ? Wat muss gemaach ginn, fir d'Zukunft vun der SES ofzesécheren ?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener

Déput éiert